ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

# Crèche zu Maarnech:

# Wie konnt dat autoriséieren?

## Bezierk Norden

*Pressematdeelung vum 22. Juli 2019*

Am Mäerz 2019 huet zu Maarnech eng Crèche hir Dieren opgemaach, déi 66 Kanner betreie kann. Wann ee mam Auto laanscht dës Crèche fiert, kann een sech nëmme wonneren a froen, wien dës Crèche autoriséiert huet: Wann d'Kanner dobausse spillen, si si komplett ongeschützt virun de Wiederverhältnisser, ob et reent, schneit oder de Summer hinnen – ouni d'Méiglechkeet an de Schied ze goen (!) – d'Sonn op de Kapp dréckt. Eng Gréngplaz mat Spillméiglechkeete sicht een ëmsoss – eng Betonswüst mat engem Zonk ronderëm, deen d'Kanner op wéinege Meter vun der villbefuerener Strooss ewechhält a si zudeem dem Kaméidi vum Verkéier direkt aussetzt. Als ADR Norden si mir der Meenung, datt eis Kanner eppes Besseres verdéngt hunn. D'Fro bleift also, wéi een dës Crèche konnt autoriséieren a firwat een – besonnesch an enger méi ländlecher Gemeng wéi Cliärref – net no engem alternativer Standuert gesicht huet, deen dem Wuel vun de Kanner Rechnung dréit.